



26.02.2023

World Scout Jamboree 2023 KOREA - Luxembourg Contingent Newsletter 6

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,
Léif Participant'en, Chef an IST,

an dësser Newsletter fannt dir Informatiounen zum Prépa-Weekend, zum néie
Whatsapp Informatiounskanal an zu wichtegen Dokumenter

**Ganz wichteg: et si weider Formulairen auszufüllen mat Informatiounen fir
d'Anrees a Korea an d'Autorisatioun parentale.**

SCOUTING IN LUXEMBOURG

WhatsApp Infokanal:

Et gouf vill Umierkungen a Réckfroen, dass méi Kommunikatioun zwëscht dem CMT an de Participante, Chef an IST gewënscht ass. Doropshin hunn mir elo en Informatiounskanal op WhatsApp opgemaach, wou dir reegelméisseg iwwert Formularen, Rechnungen a Newsletteren informéiert gidd. An dësem Chat ass jidderee wëllkomm, och Elteren an (Gruppe)Chef déi net mat an Korea ginn. Dëse Kanal ass esou ageriicht, dass mir iech all wichteg Informatiounen kënne schécken, dir awer net kënnt drop äntwere fir eng grouss Unzuel vun Noriichten, an domat d'Ënnergoe vu wichtige Messagen, ze verhënneren. Zousätzlech wäerten mir iwwert dëse Kanal Informatiounen vun der Plaz a während dem WSJ schécken.

Link: <https://chat.whatsapp.com/FLMJEvF0RQu08uDbDukghM>

Formularen:

D'Ausfëlle vu folgende Formularen **ass obligatoresch** an eng Voraussetzung mam Lëtzebuurger Kontingent a Korea ze reesen. Falls mir des Informatiounen net an der genannter Deadline kréien, huelen mir eis d'Rescht är Participatioun um Jamboree ze verweigeren.

1. **Fiche médicale:** Jidderee muss déi ausfëllen. Déi ass fir de Lëtzebuurger Contingent intern an eng Saach vu Versecherung. Mir brauchen dëss um Papéier. Dir hutt se schon online ausgefëllt a kënnt déi Donnéeë roueg iwwerhuelen.

SCOUTING IN LUXEMBOURG

2. **Autorisation parentale:** Déi brauche mir vun all eise mannerjärege Participante. Heifir weg, och eis Virlaach benotzen. (Soss kréie mir Participante nët mat a Korea an ërem zréck)
3. **K-ETA:** ass en digitaalt Dokument, wat fir jiddereen obligatoresch ass, fir duerfen a Korea anzereesen. Mir hunn iech och eng Uleedung dobäi geluecht fir en richteg auszufüllen.
4. **Kopie vum Pass:** Déi ass fir de CMT intern a gëtt vun eis versuergt. Heimat iwwerpréiwe mir d'Gültegheet vun de Reesdokumenter vum ganze Contingent.

Deadline fir d'Ausfëllen an d'ofginn heivun ass **de 15. Abrëll 2023, mam Start vum Prépa-Weekend**. Bréngt alleguer déi Dokumenter um Papeier mat. Mir zielen op är Mataarbecht.

Fir déi Leit, wou um Prépa-Weekend verhënnert sinn, gëtt et d'Méiglechkeet se mat der Post un eis ze schécken. (FNEL, c7o Claude Kuffer, 61a rue des Trèves, L-2630 Luxembourg)

Um Prépa-Weekend kritt och jidereen nach emol d'Méiglechkeet, d'Donnéeë déi en bei der offizieller Umeldung uginn huet ze iwwerpréiwen an neidesch Ännerunge virzehuelen.

Prépa Weekend:

- Wéi schonn am September 2022 ugekënnegt: Den Weekend fänkt Samschdes de 15. Abrëll um 09h00 Auer un an dauert bis Sonndes den 16. Abrëll 12h00 Auer zu Mondorf am Chalet vun den Munnerefer Mais.

SCOUTING IN LUXEMBOURG

- Kiss & Go beim Chalet; w.e.g. Kanner ofsetzen a weiderfueren, et ass net d'Platz do fir datt jidderee waarde kann
- Als Rappel : Deelhuelen fir Participant & Chef **ass obligatoresch**. Falls e seriose Grond virläit (Obenthalt am aussereuropäeschen Ausland oder medizinesch Uersaach) mëllt iech beim CMT. (cmt@wsj2023.sil.lu)
 - Op de Prépaweekeend musst dir **d'gedruckte fiche médicale an d'Autorisation parentale, den gedruckte K-ETA an eng Kopie vun äerem Pass matbréngen**. Mir zielen hei zu 100% op är Mataarbecht.
 - Eng kléng Iwwersiicht vum Programm :

Samsdes	Sonndes
9 Auer Treffpunkt	8 Auer Kaffi
10 Auer kennen léiren	9 Auer ofriichten
11 Auer Ateliers	12 Auer Heem
13 Auer iessen	
14 Auer Ateliers	
19 Auer iessen	
21.30 Auer Nuetsspill	
23 Auer Nuetsrouh	

- Participante a Leader schlofen an Zelter, denkt un dat néidegt souwéi dem Wieder ugepasste Material. Wann dir heizou Froen hutt, mëllt iech bei ärem jeeweilegen Unitleader.

SCOUTING IN LUXEMBOURG

-
- **Fir IST:** Programm ass viraussichtlech Samschden um 19 Auer fäerdeg. Dir braucht also net do ze schlofen. Wann ee wëll bleiwen, ass en häerzlech invitéiert.

Bezuelen Norees:

Rechnung fir d'Norees kënnst de 15.03 an ass bis den 1.04.2023 ze bezuelen. Wéi och déi Rechnunge virdrun, sinn se entweder Individuell oder iwwert de Grupp ze bezuelen. D' Rechnung gëtt un all Grupp/Persoun ausgestallt, déi fir Norees ugemellt sinn. **Bezuel w.e.g. eréischt wann dir vun eis eng Rechnung kritt hutt!**

Méi Informatiounen iwwert de Lëtzebuurger Contingent (Team a Kontaktdaten) an den Jamboree 2023 fannt dir ënnert :

<https://wsj2023.sil.lu>

[Facebook](#)

[Instagram](#)

Bei weideren Froen, zéckt net eise ze kontaktéieren ënnert: cmt@wsj2023.sil.lu

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréis,
Fir de Lëtzebuurger Contingent,
Pit & Tahr
Heads of Contingent